adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 28. Januar 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Bausseminister, den Här Ekonomieminister an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

An engem Interview, deen de 6. Dezember ënnert dem Titel „*Visa, Mastercard und Paypal: Zahlungssysteme sind Geopolitik*" am däitsche Politmagazin „Cicero" publizéiert gouf, heescht et, datt déi däitsch Debitkaarte vum Typ Girocard a V-Pay zäitno aus dem Handel kéinte verschwannen, well se sech net méi géint d'Iwwermuecht vun de konkurréierenden US-amerikanesche Ubidder vu Kreditkaarten duerchsetze kënnen, déi vu villen Plattforme fir Onlinehandel als eenzeg Bezuelméiglechkeet via Bankkaart akzeptéiert ginn. Eng Tendenz, déi duerch d'Ëmstellung vu ville Verbraucher vum Eenzel- op de rengen Onlinehandel am Kader vun der COVID-Situatioun nach verschäerft gouf. Weider gëtt an deem besoten Interview awer och op d'Initiativ "European Payment Initiative" (EPI) verwisen, en Zesummeschloss vu Banken aus 13 EU-Länner, déi et sech zum Zil gesat huet, en europawäite System fir d'Ofwécklung fir Paiementer mat Bankkaarten op de Wee ze bréngen. Dës Initiativ kämpft aktuell och mat ënnerschiddlechen legislative Konditiounen an den eenzele Länner, déi eng Standardiséirung vum System relativ schwéier maachen.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Sinn der Regierung déi beschriwwe Problematike bekannt? Wa jo, wéi reagéiert si dorop? Wann net, firwat net?
2) V-Pay Kaarte ginn och vu ganz ville Lëtzebuerger Verbraucher benotzt a vun eise Banken, dorënner och deene mam Status vun engem ëffentlechen Etablissement, ugebueden. Wéi eng potenziell Auswierkungen huet déi uewe beschriwwen Dominanz vun amerikanesche Kreditkaarten op de Gebrauch vu V-Pay Kaarten duerch Lëtzebuerger Konsumenten?
3) Op wéi eng Mëttel fir elektronesch ze bezuelen, gräift de Staat nieft dem Boergeld als legal Zuelungsmëttel fir déi finanziell Transaktiounen tëschent deenen diversen ëffentlechen Institutiounen (Steierverwaltung, allgemeng Verwaltunge vun dem Staat an de Gemengen, Protokoller, ëffentlech Etablissementer an Entreprisen asw.) an dem Bierger, zeréck?
4) Sinn och Lëtzebuerger Banken un der EPI-Initiativ bedeelegt? Wa jo, op wéi eng Manéier goufen si vun der Regierung am Hibléck op d'Vereinfachung vun administrative Prozeduren an attraktive Steierkonditiounen ënnerstëtzt?
5) Huet d'Regierung sech op EU-Niveau schonn duerfir agesat, fir hei e méiglechst einfachen, gemeinsame legislative Kader ze schafen, ouni dobäi d'Inkohärenzen vun deenen eenzele Memberstaaten ze cumuléieren?

6) Gesäit d'Regierung laangfristeg de baussepolitesche Risiko, datt Lëtzebuerg am Kader vun engem gréisseren, internationale Konflikt erpressbar gëtt, wann ëmmer méi Finanztransaktioune vun eise Bierger, exklusiv iwwer Firmaen ofgewéckelt ginn, déi primär der Jurisprudenz vun engem grousse Machtstaat ënnerstinn, dëst besonnesch am Kader vu potenzielle Sanktiounen?

Mat déiwem Respekt,

Roy Reding
Deputéierten